

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg


Lëtzebuerg, den 1. August 2022

Här President,  
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sportminister weiderzeleeden.

De nationale Fussballstadion ënnersteet der Gemeng Lëtzebuerg a gëtt u Federatiounen a Veräiner, déi do wëllen (oder mussen) spille géint en héije Loyer zur Verfügung gestallt. Dee Stadion, deen d'Stad Lëtzebuerg op hirem Territoire wollt hunn, an deen de Staat, dee sech och um Ënnerhalt bedeelegt mat iwwer 40 Milliounen finanziert huet, gëtt richteg deier, wann eng Federatioun oder e Veräin vun him wëllt profitéieren. Duerfir hätt ech dës Froen un den Här Sportminister:

1. Ass sécher gestallt, datt d'Tariffer vun der Gemeng Lëtzebuerg just d'Käschten decken?
2. Ass ugeduecht, datt de Sportsministère de betraffene Veräiner a Verbänn bei de Stadionkäschten hëlleft oder si mat engem Subsid iwwerhëlt?
3. D'UEFA an d'FLF si ganz aktiv fir Fussballveräiner finanziell ze hëllefen, dat och duerch Sue fir esou europäesch Matcher ze spillen. Ass et sënnavoll, Ekippen, déi duerch hire sportleche Meritt europäesch Qualifikatiounsmatcher däre bestreide fir Infrastrukture bezuelen ze loossen, déi keng aner Daseinsberechtigung hunn wéi ebe Matcher ze spillen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten